



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Patienten, déi schwéier um Covid-19 erkranken, müssen deelweis intensivmedezinesch versuergt ginn. Fir d'Personal vun de Spideeler, déi bei dëse Patienten zäitopwänneg Behandlungen ënnert strengsten Hygiènesmesuren duerchfeieren, bedeit eng Hausse vu Covid-19-Patienten op der Intensivstatioun och oft eng Hausse vun den ze leeschtenden Aarbechtsstonnen. Ab enger gewësser Unzuel u Patienten op der Intensivstatioun ass et fir d'Spideeler dofir net méi méiglech, de Reegelbetrib wéi gewinnt ze assuréieren, well Personal vun anere Statioune muss agesat ginn, fir op den Intensivstatioune ze hëllefen.

Wéi aus engem *Tageblatt*-Artikel vun haut ervirgeet, kënn de Centre Hospitalier du Nord (CHdN) den Aussoe vun hirer Pressesprecherin Anja Di Bartolomeo no, aktuell schonn u senge Limitten, wat d'Prise en charge vu Covid-Patienten op der Intensivstatioun ugeet. Sollte weider Covid-Patiente missten opgeholl ginn, misst d'Spidol héchstwarscheinlech den Normalbetrib erofschrauwen. Zu esou enger Aschränkung vum Normalbetrib war et am Spidol schonn am vergaangene Joer komm, wéi d'Krisenzell vum CHdN decidéiert hat den allgemenge Betrib anzeschränken, fir d'Personal net ze iwwerlaaschten.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi ginn d'Covid-19-Patienten, déi intensivmedezinesch behandelt musse ginn, zu Lëtzebuerg op déi verschidde Spideeler verdeelt? Gëtt hei drop opgepasst, kee Spidol ze iwwerlaaschten, esou laang an anere Spideeler nach Kapazitéite fräi sinn?
2. Huet d'Ministesch e Krisenplang virleien, fir de Fall dass verschidde Spideeler missten den Normalbetrib aschränken an de kommende Wochen/Méint?  
Falls jo, wéini wäert dës Plang den Acteuren um Terrain presentéiert ginn?
3. D'Pressesprecherin vum CHdN huet vis-à-vis vum *Tageblatt* gesot, dass d'Spidol am vergaangene Joer de Reegelbetrib zeréck geschrauft hätt, ouni dass et heivir eng Uweisung vun der Santé gi wier. Huet d'Santé zu deem Zäitpunkt d'Situatioun anescht ageschätzt ewéi d'Krisenzell vum Spidol an eng Reduzéierung vum



Reegelbetrib nach net als néideg ëmfond oder iwwehléisst d'Santé esou Decisiounen  
de Spideeler ëmmer selwer?

Mat déiwem Respekt,

---



CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)